PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

REÇU
Par Alff Christian , 13:53, 02/12/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

02/12/2020

*Demande fir en Question élargie dierfen ze stellen*

Här President,

**Ech erlabe mir Iech doriwwer ze informéieren, dass ech, conformément zum Artikel 85 vum Règlement de la Chambre des Députés, der Gesondheetsministesch gären eng Question élargie géif stellen zum Thema vun der Zesummenaarbecht innerhalb vun der Groussregioun bei der Prise en Charge vu Patienten.**

Bedéngt duerch d'Mesurë géint d'Ausbreedung vum Covid-19 hunn och eis Nopeschlänner eng ganz Rei Aschränkunge missten treffen. Fir Lëtzebuerg, e Land wat grad am Beräich vun der Medezin ëmmer enk mat sengen Nopere kooperéiert huet, bedeit dat, dass Leit aus Lëtzebuerg, déi Operatiounen oder Traitementer am Ausland geplangt haten, oder onerwaart bräichten, dës Soinen an eisen Nopeschlänner aktuell net méi ëmmer kenne kréien.

Ech wéilt dëse Sujet am Kader vun enger Question élargie gäre méi am Detail mat der Madamm Ministesch abordéieren, mam Zil méi genee Informatiounen ze kréien, wéi eng Traitementer an eisen Nopeschlänner fir Persounen aus Lëtzebuerg nach ugebuede ginn, a wéi d'Madamm Ministesch sech dofir asetzt och a Krisenzäiten d'international Kooperatioun an der medezinescher Versuergung innerhalb vun der Groussregioun ze erhalen - an dat iwwert Zesummenaarbecht um Niveau vun der Versuergung vu Covid-19-Patienten eraus. Dofir géif ech Iech, Här President, bieden, dëse Bréif un d'Madamm Ministesch weider ze leeden.

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven Députe

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 02 décembre 2020

Objet : Question élargie n° 64 du 02.12.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Prise en charge des patients dans la Grande Région

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 85 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Madame la Ministre de la Santé.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés